
# LES SACRIFIES


Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



No 2/1990
Mars/Avril
29e année

## Monument aux Morts Useldange

Fédération:
5, rue de la Déportation
Luxembourg



*De Centre Culturel vun Useldéng. Hei gët de Kongress ofgehalen.*

# Nationalkongress
## vun der
## «Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme»
## Samschdes, de 5. Mee 1990, am neie Festsall zu Useldeng

**E steet am Zeeche vum 30. Anniversaire vun der Associatioun**

## Programm

**Vu 14.00 Auer un:** Rassemblement vun de Kongressisten am Millenhaff (am Zentrum vum Duerf). De Büro fir séch unzemellen as an der Entrée vum Festsall. Parkplaze sin am Schoulhaff an uewen un der Kiirch (de Millenhaff w.e.g. fräi loossen). – D'Gendarmerie an d'Pompjëën hëllefe gär fir eng Parkplaz ze fannen.


**Vu 14.15 Auer un:** Ëmpfank vun den Invitéen.

**Ëm 14.30 Auer:** Cortège bei d'«MONUMENT AUX MORTS» mat der Fanfare vun Useldéng un der Spëtzt. Zesumme mat de Gemengenautoritéiten gi virum Monument Blumme néier geluegt iwwerdeems d'«SONNERIE NATIONALE» gespillt gët. – Duerno zréck an de Millenhaff.

**Ëm 15.00 Auer:** Ufank vum Kongress, deen no dësem ORDRE DU JOUR verleeft: – De President vum Kongressbüro gët de «coup d'envoi». – Kleng gesanglech Introduction, présentéiert vun der Chorale Mixte Ste Cécile vun Useldéng. – Begréissung vun den Invitéen an de Kongressisten vun engem Vertrieder vun der Sektioun Useldéng a vum Nationalpresident. – Rapport iwwert d'Aktivitéiten am Joer 1989. – Rapport a Bilan vum Rechnungsjoer 1989. – Rapport vun de «Reviseurs de caisse». – «Reviseurs de caisse» fir d'Rechnungsjoer 1990. – Propositiounen a Bestëmmung vun der Uertschaft wou 1991 de Nationalkongress ofgehale gët. – De President vun der Associatioun huet d'Wuert. – Diskussioun. – Lescht Wuert vum President vun der Associatioun.

**Géint 17.45 Auer:** De President vum Kongressbüro mécht de Schlusspонkt.

**Géint 18.00 Auer:** Réceptioun an Éirewäin an engem Sall vun der Märei, offeréiert vun der Useldénger Gemeng. Am Kader vun dëser Réceptioun gi verdéngschtvoll Mëmberen mat dem «Ruban en or» resp. mat dem «Ruban en argent» ausgezeechent.




**Inhalt:**
Wëllkom zu Useldéng
Useldéng gëscht an haut
Tit Schrœder – Gedichter
Zum 30. Jahrestag
Kaum bemerkt --- darum gleich verflogen
Aus eiser Agenda

## Wëllkomm zu Useldéng



Zesumme mat den E.d.F. aus eiser Gemeng, fille mir eis geéiert, datt de Nationalkongress vun der «Association des Enrôlés de Force, Victimes du Nazisme» dëst Joer zu Useldéng ofgehale gët.

Ech profitéiere vun der Geléenheet fir drop hinzeweisen, datt an eiser Gemeng de «Culte du Souvenir» grad vun den E.d.F. ganz grouss geschriwwe gët.

Si waren et déi den nationale Gedenkdag am Oktober, vun nom Krich un, an eiser Gemeng organiséiert hun an nach ëmmer organiséieren.

Si waren et, déi ëmmer erëm d'Gemengenautoritéiten invitéiert hun, an am Laf vun de Joeren och derzou bruecht hun, fir séch zesumme mat hinnen deen Dag, nët nëmmen un hir Komerodinnen a Komeroden z'erënneren, déi d'Chance nët haten fir d'Heemecht erëm ze gesin, ma awer och un déi Leit, déi an deene battere Krichsjoeren hirt Liewe geaffert hun, fir datt mir haut an enger fräier Welt kënne liewen.

Esou koum et, datt den Nationale Gediechtnesdag an eiser Gemeng den Dag vun den E.d.F. gouf.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt an eiser Gemeng de Begréff «Solidaritéit» am Krich keen eidelt Wuert war wann et ëm «Ons Jongen» gong. An der Gemeng Useldéng, mat de Sektiounen lewerléng, Schandel a Rippweiler, haten 30 Familljen zesummen 54 Jonge verstoppt!

10 Meedercher a 47 Jongen aus eiser Gemeng waren agezun. 6 Jongen koumen nët méi erëm. Ee vun hinnen gouf zu SONNENBURG (haut Slonsk) erschoss. D'Mamm vun engem Refraktär as an der Ëmsiedlung gestuerwen.

Dat schrecklecht Verbriechen un eisem Land an de Krichsjoeren därf nët vergiess gin!

«Un peuple cesse de vivre lorsqu'il cesse de se souvenir».

Dës Wierder vum Maréchal Foch sin och haut nach richteg!

**Fédération des Victimes du Nazisme, Enrôlées de Force,** Association sans but lucratif – Siège: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Boîte postale: **2415 L-1024 Luxembourg. C.C.P. 31329-95 - Banque Internationale: 5-217/4546.**

Rédaction du bulletin bi-mestriel «Les Sacrifiés, 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. Boîte postale 2415 L-1024 Luxembourg.

**Service social aux Enrôlés de Force,** 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. **Tél.: 48 32 32.**

**L'Association des Parents des déportés Militaires Luxembourgeois,** Secrétariat: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, Boîte postale 2415 L-1024 Luxembourg. **L'Amicale des Anciens de Tambow,** Secretariat, Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 – **l'Association des Enrôlées de Force Victimes du Nazisme,** Secrétariat, 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg, Boîte postale 2415 L-1024 Luxembourg, ccp 31 324-90. – **Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l.,** Siège: 5, rue de la Déportation, L-1415 Luxembourg. La correspondance est à adresser à Mme Josée Reeff, 15, rue de Moutfort, Oetrange, Tel.: 350 14.

Imprimerie Hermann, B.P. 1663 L-1016 Luxbg

Duerfir félicitéieren ech d'E.d.F., datt si nët midd gin fir ëmmer erëm un dat grousst Leed, wat fir si ee Cauchemar as a bleiwt esou laang wéi si liewen, z'erënneren a besonnesch eise Jonktem op déi schrecklech Krichsjoeren hinzeweisen fir datt och eis spéider Nokommen keen esou een Terror méi erliewen, wéi grad d'Generatioun vun de «Sacrifiés» en erliewt huet.

An deem Sënn: Wëllkomm a vill Erfolleg de 5. Mee 1990 um Kongress zu Useldéng.

Nic. ANZIA
Buergermeeschter
vun der Gemeng Useldéng

## Notiz iwwer d'Gemeng an d'Duerf Useldéng

Duerch Gesetz vun 1795, erlooss ënner dem «Directoire» no der franzéischer Revolutioun, gouf den «Département des Forêts» a 37 Kantonen agedeelt: dorënner war de Kanton Useldéng mat den «Agencen» Useldéng, Säll, Biekerech (incl. Réiden) a Viichten. 1796 gouf d'Zuel vun de Kantonen am Wälderdépartement op 26 reduzéiert an Useldéng koum an deen nei geschafene Kanton Osper.

Bis 1839, d.h. bis zu deem Dag wou duerch de Londoner Vertrag de fréieren Grand-Duché gedeelt a Lëtzebuerg onofhängeg gouf, huet Useldéng zum Hannerland vun Arel gehéiert.

Wéi duerch Gesetz vun 1841 d'Land administrativ nei agedeelt gouf, as de Kanton Réiden kreéiert gin an Useldéng gouf eng vun deenen fréieren 13 Gemengen vun deem neie Kanton.

Nodeem d'Fusiounsgemeng Rammerech geschaaf gouf, huet de Réidener Kanton haut nach 10 Gemengen.

Mat dem Réidener Kanton gehéiert Useldéng administrativ zum Distrikt Dikrech.

D'Gemeng Useldéng mat sénge 4 Sektiounen huet 1.026 Awunner (1987), déi am Gemengerot duerch 9 Konselljen vertruede sin a séch folgendermoossen opdeelen:

– Useldéng: 495 Awunner mat 4 Konselljen
– Iewerléng: 256 Awunner mat 2 Konselljen
– Schandel: 173 Awunner mat 2 Konselljen
– Rippweiler: 102 Awunner mat 1 Konselljen

Zënter 1970 as den Nic. ANZIA Buergermeeschter vun der Useldénger Gemeng.

Vun 1979 un as d'Duerf restauréiert gin.

1982 krut Useldéng fir déi gelonge Restauratioun eng international Auszeechnung a gouf 1983 als «schéint Duerf» déclaréiert.

Hei d'Texter vun deenen zwou Auszeechnungen:



EUROPA NOSTRA
Fédération internationale des associations pour la sauvegarde du patrimoine culturel et naturel de l'Europe

CERTIFICAT DE MÉRITE
1982

*USELDANGE*
*pour le travail de belle restauration*
*et nouvelle construction*
*harmonieuse afin de rétablir une*
*scène rurale typique et de donner*
*l'exemple aux villages voisins.*

Duncan Sandys
LORD DUNCAN SANDYS
Président

Les Prix Europa Nostra étaient créés en collaboration avec le Franklin Mint Limited


EIST DUERF SOLL LIEWEN
LËTZEBURGER MONUMENTESCHUTZ

Fir déi glécklech Restauratiounen an eng gudd Zesummenaarbecht mam Monumenteschutz, gët heimat

Useldéng

den Titel

Schéint Duerf

zouerkannt.

Letzeburg, de 16. Juni 1983
De Staats- a Kulturminister





## Useldéng gëscht an haut

Oseldingen, Unseldingen, Usdinge, Onseldingen, Huseldingen, Ouseldang, Uzeldange, Usoldenchias, dat sin d'Nimm vun eisem Duerf, esou wéi mer se an ale Schrëftstécker erëmfannen. Awer och nach haut as d'Duerf séch nët eens wéi de Numm eigentlech richteg as! Wann et héich offiziell hir geet, dann as ët «Useldange», am däitsche Schrëftverkéier heescht et «Useldingen», an doheem as et bei deen engen «Uselding», a bei deen aneren «Useldéng». An esou werd et och bleiwen esou laang et «Useldinger» an Useldénger» gët!

Ëm 1100 hun de Schlasshär THEOBALD vun Useldéng a séng Fra AZEKA de Benediktiner-Patere vu Moslesmes an der Bourgogne d'Kiirch niewent der Buerg a weider Gidder a Lännereien zu Useldéng selwer an an der Ëmgéigend geschenkt, mat der Oplo, d'Patere vu Moslesmes misste fir dat séilescht Wuel vun den Awunner aus der Herrschaft (Seigneurie) Useldéng suergen.

Dësen Akt as dat eelzt bekannte Schrëftstéck an deem niewent der Buerg och d'Kiirch vun «Usoldenchias» zitéiert gin. Den ursprünglechen Akt besteet nët méi! Ma eng Ofschrëft vum Schenkungsakt, déi 1142 vum Cartulaire (Relevé vu Kiirchegidder) vun der Abtei Moslesmes gemaach gouf, besteet nach haut an den «Archives Départementales de la Côte d'Or» zu Dijon.

D'Schenkungsurkund huet keen Datum, ma et as nogewisen datt d'Patere vu Moslesmes ëm 1100 op Useldéng koumen an do ee Priorat gegrënnt hun. D'Pateren hu gutt geschafft, well si konnte scho geschwënn een neit Klouschter mat enger dräischëffeger Basilika opriichten. No de Benediktiner koume Jesuiten an d'Klouschter, an als Jesuite-Klouschter gouf d'Priorat 1781 ofgerappt. D'Reschter vun der Kiirch gouwen als Scheier vum «Klouschterhaff» (deen och nach haut esou heescht) ëmgebaut an ëmfonktionéiert. Ee vun deenen éischte Prieuren vum Klouschter war de séilege Péiter vun Useldéng, een englesche Benediktiner deen hellegméisseg geliewt huet an och Wonner gewierkt soll hun.

Am 12., a besonnesch am 13. Joerhonnert, haten d'Feudalhäre vun Useldéng gutt Relatiounen mat dem Grofenhaus vu Lëtzebuerg. Esou war d'Herrschaft Useldéng op der Hochzäit vun der Gréiwin Ermesinde vertrueden, wéi Si 1214 mat dem Walram vu Limburg bestued gouf. Den Nékel, Schlasshär vun Useldéng, huet 1244 de Fräiheetsbréif vun der Ermesinde un d'Stad Lëtzebuerg mat ënnerschriwwen.

Besonnesch de Robin II. vun Useldéng hat et wäit bruecht, 1291 as de Robin II. «Sénéchal» (ieweschten Offizéier a Beamten, haut géif een dat «Maréchal de la Cour» nennen) vum Grofenhaus zu Lëtzebuerg gin an huet do eng grouss Roll gespillt. Wéi den Hary VII., Grof vu Lëtzebuerg, den 28 November 1308 däitsche Kinnek, an duerno Keeser vum «hellege réimesche Räich däitscher Natioun» gewielt gouf, du war de Robin II., Här vun Useldéng, ënner den Zeien, déi de Walakt mat ënnerschriwwen hun.

Bekanntlech war den Hary VII. Papp vum Jhang de Blannen, den éischte Grof aus dem Haus Lëtzebuerg um däitsche Keesertroun.

Duerch bestueden, Familljerelatiounen an Ierwschaft koum d'Herrschaft Useldéng a Verbindung mat den Heiser Esch/Sauer, Bissen, Miersch, Zolver, Schönecken, Ierwerléng, Blankenheim, Dollendorf, Cronenburg, Neierbuerg a Boulay (Bolchen).

Et war d'Irmgart, Duechter vum Här vu Boulay an Useldéng, déi 1418 de Johann vu Roudemaacher (5 km südlech vu Munneréf am Lothrengeschen, haut Rodemack) bestued huet. Esou koum d'Herrschaft Useldéng un d'Haus Roudemaacher.

1443 sin d'Burgunder zu Lëtzebuerg agefall an hun d'Festung iwwerompelt an eruewert. Lëtzebuerg huet opgehalen als selbständege Staat zu bestoen a koum ënner d'Herrschaft vun de Burgunder (1443-1482).

D'Maria vu Burgund (een Enkelkand vum Philipp vu Burgund – och de «Gudde» genannt – dee 1443 Lëtzebuerg eruewert hat) as de 14. August 1477 zu Gent mat dem Erzherzog Maximilian vun Éisterräich (een Habsburger) bestued gin. Duerch dat Bestiednes as de Maximilian Herzog vu Burgund an domat och vu Lëtzebuerg gin.

En etlech Joer méi spéit huet de Maximilian d'Successioun vu séngem Papp um däitsche Keesertroun ugetratt.

Ma de Gerhard, Här vu Roudemacher an Useldéng (Nokomme vum Johann vu Roudemaacher an der Irmgart vu Boulay) wollt séch dem neien Herrscher nët ënnerwerfen. Am Krich vu Burgund géint Frankräich (1479) huet de Gerhard vu Roudemaacher méi zu de Fransouse gehalen a géint den Herzog vu Burgund intrigéiert. Dat huet de Maximilian séch nët gefale geloss, an huet 1481 d'Buerg vun Useldéng duerch Burgunder zerstéiere gelooss! Duerno huet en d'Buerg konfiskéiert, ma nodeem, datt den Här vu Roudemaacher séngem Herzog a Keeser Trei geschwuer hat, krut en d'Buerg mat de Lehensrechter erëm. Ma den Här vu Roudemaacher an Useldéng as réckfälleg gin, an esou koum et, datt d'Buerg 1499 eng zweete Kéier zerstéiert a définitif konfiskéiert gouf.

De Keeser Maximilian hat schon 1483 d'Buerg an d'Herrschaft Useldéng séngem Koséng Christoph, Markgrof vu Baden (an Éisterräich) geschenkt well deen am Krich géint d'Fransousen (1479) him esou gutt gehollef hat. No der zweeter Zerstéierung as de Markgrof vu Baden dun définitif Här vun der Herrschaft Usel-



*Useldéng – 1835*
*noogezeechent vum J.P. Fresez*

déng gin. D'Buerg gouf erëm opgebaut an d'Nokomme vum Christophe hu vill zu Useldéng gewunnt. D'Herrschaft vun de Markgrofe vu Baden an hiren Ierwen huet bis 1709 gedauert.

Zur Zäit wéi den «Duché de Luxembourg» zu de Spuenesche Nidderlanden gehéiert huet (1555-1684), huet Spunien oft Krich géint Frankräich geféiert. Dat war d'Ursaach, datt d'Fransousen méi wéi eng Kéier iwwer Lëtzebuerg hirgefall sin. Besonnesch déi spuenesch Festung Lëtzebuerg war de Fransousen een Dar am A. Et war zur Zäit vum 30-jährege Krich, deen zu Lëtzebuerg 50 Joer gedauert huet (1634-1684), wou et ganz schro war. Et war eng Zäit vu Misär, Hongersnout a Pescht am ganze Land a besonnesch a eiser Géigend.

1679 sin d'Fransousen op en Neis an d'Land agefall, well se d'Festung Lëtzebuerg de Spuenier wollten ofhuelen. Si haten d'ganzt Land besat an d'Festung Lëtzebuerg tëschent 1682 an 1684 ënnert dem Maréchal Créqui dräimol belagert an de 4. Juni 1684 mat der Hëllef vum Vauban gestiirmt an eruewert.

Et war bei enger vun deene Belagerungen, wéi dem Sonnekinnek Louis XIV. séng Zaldoten ënnert dem Kommamdo vum Generol Bouffon 1683 d'Buerg vun Useldéng zesummegeschoss an zerstéiert hun an as als Ruin esou erhale bliwwen wéi se haut nach as.

De Wëllem, Fürst vun Nassau-Siegen a Grof vu Veianen, huet 1674 d'Buerg an d'Lehensrecht vun Useldéng gierft an un de Franz Sebastian de Baur, Schmelzhär vu Lasauvage a spéideren Här vun Iewerléng, fir d'éischt als Pand versat a 1709 verkaft. Deen neie Propriétaire huet datselwecht Joer d'Hallschecht vun der Herrschaft Useldéng un d'Marianne de Bidard, Schlasshärin vun Ansebuerg ofgetratt.

Esou war Useldéng vu 1709 bis 1781 zwéin Hären ënnerdéngeg: Eng Hallschecht huet dem Sebastian de Baur, Här vun Iewerléng, gehéiert an déi aner Hallschecht koum duerch Ierwschaft un den Thomas de Marchant d'Ansembourg.

Den 21. Juli 1781 gouwen am Stadhaus zu Arel an enger Stee d'Gidder an d'Klouschter vun de Jesuiten zu Useldéng, awer och d'Lehensrechter (Zéngten) vun der Herrschaft Useldéng öffentlech zougeschloen. Deen neie Propriétaire gouf de Grof de Marchant d'Ansembourg.

1864 huet de Notär Bian vu Réiden d'Buerg kaft an duerno un d'Familljen Kuhn-Wolff aus Pittsburgh weiderverkaft (d'Madame Mary Kuhn-Wolff war en gebierteg Useldéngerin).




*D'Jeweschtgaas (rte d'Arlon) ëm 1900*




Duerch Kafakt vum 7. Juli 1964 as de Lëtzebuerger Staat Propriétaire vum Useldénger Schlass gin.

Leider huet d'Gemeng am Joer 1903 déi al Porkiirch niewent der Buerg ofrappe gelooss. Doduerch gouf dee schéinen architektoneschen Ensembel vu Buerg a Kiirch fir ëmmer zerstéiert.

Wéi hun d'Leit vun Useldéng deemols geliewt? Et waren elauter kléng Beiercher an Doléiner, déi deene jeweilegen Hären ënnerdéngeg hu misse sin, op si wollten oder nët. Déi beschte Lännereien op der Gewan hun entweder dem Schlasshär oder dem Klouschter gehéiert. An déi puer Stécker, déi d'Leit aus dem duerf fir sech geakert hun, waren nët vill a gouwe meeschtens an enger «Gemeinschaft» bewirtschaft. Esou besteet haut nach zu Useldéng de Flouernumm «An der Gemeinschaft». Aner Stécker haten een «Handwiessel», d.h. all puer Joer krut een aneren dat Stéck fir z'akeren! A vun deem Bëss-chen wat d'Leit gezillt hun, hu se du och nach missen den zéngten Deel an der «Zéngtscheier» vum Schlasshär ofliwweren! D'Situatioun as eréischt besser gin, wéi no der franséischer Revolutioun d'Baueren aus dem Duerf d'Lännereien lues a lues ze kafe kruten, a wéi ëm d'Joerhonnertwenn de Klouschterhaff mat sénge Lännereien verkaft gouf. E richtege wirtschaftlechen Opschwonk huet Useldéng kannt wéi 1880 d'Eisebunn (d'Atertlinn) gebaut gouf. Fir d'Atertlinn awer kënnen ze bauen, as en etlech Joer virdrun d'Staatsstross vun Arel op Dikrech duerch Useldéng gebaut gin, esou wéi se haut nach besteet. Leider gouf d'Atertlinn tëschent Péiténg a Bissen 1967 ofgeschaft. De leschte Persounenzuch, een Autorail dee fir séng lescht Fahrt mat engem Kranz geréscht war, as mat laangem an trauregе Gepeifs zu Useldéng an d'Gare agefuer an ëm 20.15 Auer a Richtung Ettelbréck fir ëmmer fortgefuer. Déi lescht Marchandise huet den 12. Abrël 1969 d'Useldénger Gare passéiert. Am Wanter 1970/71 gouwen d'Gleisen démontéiert an duerno koum den Eisebunnsterrain a privat Hänn!

Bis nom zweete Weltkrich as, no all Persounenzuch, deen zu Useldéng ukoum, een Autobus duerch de Préitzerdall bis op Wal gefuer a bis 1969 war d'Gare vun Useldéng d'Plaz wou d'Baueren aus der ganzer Emgéigend hir Schlak an de chemeschen Dünger an d'Geschäftsleit hir Wuere geliwwert krit hun.

Mat der Eisebunn huet den Handel een Opschwonk krit wéi ni virdrun! Geschäfter an Handwierksbetrieber sin entstan an hun aus dem klenge Bauerenduerf ee Geschäftszentrum fir d'ganz Regioun gemaach.

Bis viru 40 Joer war Useldéng ee richtegt Bauerenduerf, haut sin nach zwee Bauerebetrieber am Duerf.

Wann Useldéng haut och nach eng ganz Rei gutt Geschäfts- an Handwierksbetrieber huet, esou huet dach am Laf vun deene leschten 20 Joer muench gudde Geschäfts- an Handwierksbetrieb fir ëmmer opgehalen. – Vill Duerfleit gin auswärts schaffen.




*Rendez-vous op der Gare zu Useldéng am Joer 1905*




*Den Trëmel (Place Centrale) an den zwanzéger Joëren*

*(Vue op d'Atertbrék)*


Haut huet Useldéng nach eng Farwefabrik déi gutt geet. D'Raiffeisekeess Useldéng-Bissen huet hire Sëtz an hirt Lager am Duerf an ausser engem Postrelais huet Useldéng och nach eng Agence vun der Spuerkees, déi gutt geet.

An de Joeren 1927/28 gouf d'Ardennerwasserleitung gebaut an d'Haptpompwierk (Pumpstatioun wéi d'Leit am Duerf soen) gouf zu Useldéng opgeriicht an 1928 a Betrieb geholl. Vun nom Krich un as Useldéng dann och nach den administrative Sëtz vun der DEA (Distribution d'Eau des Ardennes), gin.

Zënter 1982 as an engem alen herrschaftlechen Notärshaus den C.T.U, (Centre Thérapeutique Useldange) fir Alkoholkranker ënnerbruecht gin (Männer a Fraen). Dësen Center as an deene leschte Joeren staark ausgebaut gin.

Awer och d'Segelfliegerei gët zu Useldéng grouss geschriwwen. Zënter engem véierels Joehrhonnert zéien déi elegant Vullen, ouni Kaméidi ze man, hir elegant Kreeser iwwer Useldéng an d'Nopeschdierfer.

Vun 1976 un huet eis Gemeng ee groussen Effort gemaach fir d'Duerf, a besonnesch den Duerfzentrum um Fouss vun der Buerg ze verschéineren. Deen Effort as gutt réusséiert. Et as d'Resultat vun engem Architekte-Concours aus dem Joer 1978. 1981 as deen neie Komplex mat Festsall ageweit gin. Déi Realisatioun as esou gutt réusséiert, datt Useldéng 1982 international ausgezeechent, an 1983 als «Village pilote» an als «schéint Duerf» déclaréiert gouf. Et war de 16. Juni 1983 wéi den deemolege Staats- a Kulturminister Pierre Werner Useldéng als schéint Duerf déclaréiert huet a bei der Ge-



*Vue vum Schlasstur erof an de Millenhaff mat Märei, Schoul an de Grondmaueren vun der aler Porkiirch, déi 1903 ofgerappt gouf.*







***D'«MONUMENT AUX MORTS» gouf den 11. Oktober 1970 inauguréiert an vum Monseigneur Jean HENGEN, haut Erzbëschof vu Lëtzebuerg ageseent.***

| Jahrgang | Von der Zwangsrekrutierung betroffen | | Zwangsrekrutiert | | Gefallen | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | J. | M. | J. | M. | J. | M. | % |
| 1920 | 12 | 4 | 10 | – | – | – | – |
| 1921 | 12 | 8 | 10 | 2 | 2 | – | 16,66% |
| 1922 | 4 | 9 | 4 | 4 | 1 | – | 12,50% |
| 1923 | 8 | 6 | 7 | 1 | 1 | – | 12,50% |
| 1924 | 10 | 11 | 8 | 3 | 1 | – | 9,09% |
| 1925 | 10 | 7 | 8 | – | 1 | – | 12,50% |
| 1926 | 4 | 7 | – | – | – | – | – |
| 1927 | 8 | 5 | – | – | – | – | – |
| Total | 68 | 57 | 47 | 10 | 6 | – | 10,53% |

léenheet een Diplom vun EUROPA NOSTRA (eng Niewenorganisatioun vun der Westeuropäischer Unioun), an enger grousser Duerffeier dem Buergermeeschter vun der Gemeng Useldéng am neie Festsall iwwerreeche konnt.

An op déi Auszeechnunge sin all «Useldénger» an «Useldinger», op doheem oder an der Friemt, ganz houfreg!

L.R.

Bibliographie: «USELDINGEN, ein Dorf stellt sich vor», vum René FRISCH (wat d'Geschicht vun der Buerg betrëfft).

# Tit Schroeder *

## Doheem

Hei as de Baun mat Uecht a a Flouer, Strëpp
a Këpp –
hei hun d'Duerfleit gebroocht, gemëscht, geplout,
geéigt,
geséint, gerollt, gekappt, geläitert a geméint....
hei hun se Maulopskéip gespreet, do Dëstele
gestach,
a Bäm gesat, geprafft, Grief opgehoff an d'Wis
gefléist,
hei hun se Hecken ausgestackt, an do am Bësch
geschnät, geha.

An Dausende vu Jor hun Dausende vu Leit aus
der Gewan
ee Gaart em Heip an Haus an Haff an Duerf
gemaach....
a laascht de Baachen, bei de Buren, nieft der
Stross,
an Hank an Hiel, am Schouss vum Daul an op
der Knupp
steet munnecht Wesen – an aler Schätzung well
ernimmt.

Jorhonnerten hu si geschafft, gewuddert
a geroost,
gegrëppt, geknéckt, gegeiert, gemauschelt a
gefockt,
an d'Fraen hu kalennert, all Grimmelchen zu Roots
gehal:
beim Kache, Brache, Schaure, Schruppe, bei der
Bootz a Bitz. . . .
an an der Gaass hu Kanner wëll gerolzt, gesongen
a gekrasch.

Aus Kanner gin der Leit – a Gued a Pätter gin dem
Buedem zou. . . .
do uewe steet hir Kirech, wou den Här si all ge-
dääft, bestuet –
an d'Schlass, wou si als Kanner gëlle Schossele
fanne woulten. . .
di schaufel Schoul as lo verschwonn, de Kirfecht
gouf ze kleng,
um Wee dohanne baus dem Duerf hu si de neien
ugeluegt.

A stees de Allerhälgen, Allerséile virum Graf,
a kucks d'erop op d'Héichten, op de Baun vum
Duerf –
dann iwerkënnt et dech jo onversinns – du méngs
op eemol, du gesichs a laange Reien iwer d'Koppe
reesen
all – all déi Leit, déi des Gewan zum Gaart, an
d'Haus zum Häm –
an d'Laund – an Dausende vu Jor – zur Heemecht
mouchen

## Um Stee

Ech war well laang nit méi doheem,
ech war des lescht rem do,
beim Waasser a beim Millewier,
am Gronn beim Millewo.

Eng Määméck daunzt, eng Frellche stéisst,
ech hun eng Weil gebruckt,
wéi d'Rondle sech verlaf um Wo –
ee Bouf am Wo mech kuckt.

Dee Bouf, deen ech eng Kéier war –
an deen sou friem as gin,
en huet mech riicht an d'A gekuckt,
ech hun mech nit versinn.

Ech hat en op en Hor nit kaunt –
et as sou laang well hier –
en huet mech no der Mamm gefrot,
a wou de Papp da wier.

Du huet eng Frell eng Méck geschnappt,
an d'Krengelen hun d'Bild verwëscht,
an d'Baach as iwer d'Wier gedosch
a séier an d'Strengt gegëscht.

*Den Tit Schroeder, Latäin an Englesch-Professer, as den 12.1.1911 zu New-York op d'Welt kom an de 27.1.1985 zu Lëtzebuerg gestuerwen. Säi Papp, ee gebiertegen Useldénger, war als jonge Mënsch an Amerika ausgewandert an huet séch do bestued. Dem Tit Schroeder séng Mamm war eng Irlännerin an as 1918 gestuerwen. Fir datt de Jong een Heem soll hun, huet de Papp 1919 säi Jong an d'Heemechtshaus op Useldéng bruecht. Den Tit Schroeder as zu Useldéng opgewues a mat Läif a Séil ee richtegen Useldénger gin. A sénge Gedichter spiert een mat watfir enger Léift hien u séngem Heemechtsduerf hong. Hei e puer Wierder, déi den Tit Schroeder 1982 iwwer séng Kannerzäit zu Useldéng geschriwwen huet (Extrait aus dem René Frisch séngem Buch «Useldingen» – Ein Dorf stellt sich vor»:

«Ja ja, New York war eng grousseg Stad, wou een den aneren nit nëmmen als Friemen, mä och nach als Stoussnéckel betruecht huet, iewer hei waars de am Duerf doheem, a kënneg an all Gaass an hei as Noperschaft gehal gin. Sou huet dann de klengen Amerikaner séier dat Gefill kritt, datt en op Uselding ging héieren a soss néierens. Hei war hie grad esou gutt opgehoff wéi eent Kaund, datt hei op d'Welt koum war: d'Kiirch an d'Schoul, dat ware séng Kiirch a séng Schoul, d'Wierwermaatshaus war säin Heem, d'Schoulkanner ware séng Schoulkomeroden, di Useldinger Leit ware séng Leit – den Useldinger Baun war säi Paradäis.

Wee nit am Faul war, dee versteet dat nit. Ween um Laund war vum éischten Dag un, deen as esou dru gewiint, datt e villes nit méi gesäit. Et muss ee wiirklech als Kaund vun aacht, ning Jor eréischt an eent Dueref kommen – aus enger grousseger Stad – fir richteg ze bekäppen, wéi schéin d'Liewen um Dueref am Verglach as. T'as nit nëmmen datts de an der Natur liefs a nit an engem Steekoup, neen t'as och Noperschaaft, déi di kënneg Leit – trotz allem Misär a Verdross – déi och um Laund d'Leit ploen – dach matenän verbënt. Aus de Kanner gët Leit, a wa si dann wéi dee klengen Amerikaner weider fort an d'Schoule gin an zu gudder Lescht soss entzwousch am Laund hiirt Brout musse verdingen, dann déinke si nach dacks un di Jore wou si zu Uselding opgewues sin.

Dir kënnt mer et roueg gläwen – iweraul an der Welt wou en Useldinger as, do as nach een Uselding, well wann hien owes eleng an der Stuff sëtzt, dann iwerkéint et en onversinns: hien héiert d'Atert iwwert dem Millewier lafen, en héiert d'Loft an de Pëppelen hire Blieder, en héiert kënneg Stëmmen, déi vu Färe schalen – d'Stëmme vu sénge Leit, vun Useldinger Leit, déi him esou vill mattgin hun, datt en zu séngem alen Dag nach drun ze zieren huet.»

**Bemierkungen:**

– D'«Aktioun Lëtzebuergesch» huet geplangt fir demnächst een neie Band mat dem Tit Schroeder sénge Gedichter erauszegin.

– D'Gedichter vum Tit Schroeder an den Text iwwer hien gouwen ofgedréckt mat dem Accord vun der Madame Tit Schroeder.

Zesummegestallt fir de Bulletin «Les Sacrifiés» vum L.R., dien och d'Photoen gemaach huet, déi op der éischter an der zweeter Säit sin.

**De Comite vun der Amicale vun den «Enrôlés de Force» aus der Gemeng Useldéng stellt sech vir:**

*President: Henri TRAUFLER.*
*Vize-President: Théo KEIPES.*
*Memberen:*
*Léon BODEVIG, Aloyse FISCHBACH, Henri WINANDY.*
*Keessier: Jos. ZIMMER.*
*Sekretär: Léon RATHS.*

**Amicale des Enrôlés de Force Junglinster et Environs**

De Comité an d'Mëmbere vun der Amicale traueren ëm den Doud

vum **Jean HOSINGER,**
gestuerwen den 5. November 1989 am Alter vu 69 Jöer.

vun der der Madame
**Anny MEYERES-ERNST,**
gestuerwen den 18. November 1989 am Alter vun 86 Joër.

vun der Madame
**Thérèse JENTGES-LENTZ,**
gestuerwen den 10. Mäerz 1990 am Alter vun 96 Joër.

vum **Mathias MAJERUS,**
gestuerwen den 17. Mäerz 1990 am Alter vun 68 Joër.

Mir wäerde si nët vergiessen a hiert Undenken an Éiren halen.

## d'Atert

Op d'Sonn am Summer gloust um Himmel
op nuets am Wanter blënken d'Steeren
schéin as Si all Dag vum Joer
wiën Si erliëwt deen huet Si gäeren.

Wou d'Brécken iwwert Si séch spaanen
